

SYN- ER- GIE

November 2020 / n°59

De Regionalmagazin Atert-Wark vum Kanton Réiden



Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"



E

léiwe

klenge Buttkek,
hei just ëm den Eck,
zu Useldeng fënnt ee Saachen,
f'ass verrécht, fir ze verschenken, ze
dekoréieren a fir anzeriichten, fir unzesträchen, ze
shoppen an och fir heemlech ze beliichten. Fir d'Feierdeeg,
a feierlech Momenter, fannst Dir hei déi passend Geschenker

Den Usträicherbetrib Peinture & Cadeaux Kauthen
wënscht lech all schéi Feierdeeg & e gudde Rutsch an dat neit Joer



DEKO, KÄERZEN, LUUCHTEN, RUMMEN, KLEEN-TEX TEPPECHER, REISENTHEL POSCHEN, ...

A FIR D'HANDWIERKER TAPÉIT, BUEDEMBELAG, STOREN, PLISSÉEËN, JALOUSIEN, INSTEKTESCHUTZ, USTRÄICHERGESCHIER, FAARWEN A MËSCHSTATIOUN

PEINTURE & CADEAUX
KAUTHEN



USELDENG • 11, Béiwenerstrooss • L-8707 Useldeng • Tél.: 23 63 02 52 • kauthen@pt.lu • WWW.KAUTHEN.LU

Öffnungszeiten - Méindes Mëttes vun 14h-18h - Dënschdes bis Freides vun 9h-12h a vun 14h-18h - Samschdes vun 9h-12h a vun 14h-17h

SOMMAIRE

IMPRESSUM

Rédaction, direction artistique,
illustration, mise en page
& suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements
& réservations
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute
reproduction, ou traduction,
intégrale ou partielle, est
strictement interdite sans
autorisation écrite au
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution
Février 2020

Clôture annonce
mi-janvier 2020

Tirage
12.000 exemplaires

Magazine régional d'information
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.
en collaboration avec le Syndicat
Intercommunal du canton de
Redange et le Groupe d'Action
Locale Leader Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le
développement rural: l'Europe
investit dans les zones rurales.

2 **SHOPLOCAL.LU
AKTIOUN SOLIDARITÉIT
KANTON RÉIDEN**

4 **BEWOSST HANDELEN
AM WESTEN
WWW.GRINGGO.LU**

6 **BEKIPAY - DE BEKI
GËTT DIGITAL!**



8 **VUM FICHTEFORST
ZUM FIICHTGEBITT
GEMENG MÄERZEG**

10 **MÄERZEG HUET DEN
KLIMAPAKT-GOLDAUDIT
GEPACKT**

11 **QUIZ FIR ENG GUTT LAUN**

12 **GEOCACHING - SAFARI
DUERCH DE WËLLE
WESTEN - ANDRÉCK
A GEWËNNER VUM
FOTOSCONCOURS**



14 **RESULTATER VUN DER
ËMFRO FIR ENG ZÄIT-
GEMÉISS MOBILITÉIT
AM KANTON RÉIDEN**

16 **DE RÉIDENER KANTON
GROUSSE GEWËNNER
BEIM TOUR DU DUERF
2020!**

20 **GEWÄSSERVERTRAG
ATTERT / CONTRAT
ZESUMMEN AGÉIEREN
FIR EIS BAACHEN**

26 **DAS NATURA 2000 GEBIET
LEITRANGE-HEISCHEL**

29 **LE CHAUFFAGE
AUX PELLETS**

35 **ZÄITGEMÉIS & FLEESCH
VUN DER ATERT
KADDOËN DÉI MAT
DER ZÄIT GINN**

36 **RESONORD - OS CARE
WOHNSITUATION IN
DEN CAFÉ-ZIMMERN**


38 **YOUTH & WORK
ARBEITSSUCHENDE
JUGENDLICHE AN BORD**



40 **PORTRAIT
DANIEL KAUTHEN
DEN MOTIVÉIERTE NEVEU**

42 **CUBE 521**

48 **AGENDA**



Réiden

SHOP LOCAL.lu

AKTIOUN SOLIDARITÉIT KANTON RÉIDEN

Den Ëmsaz ëm d'Feierdeeg fir déi riiseg Online-plattformen wäert dëst Joer nach méi gigantesch ausfallen. D'Angscht virum Virus spillt dem Ganze sécherlech an d'Kaarten. Mee wien bezillt de Präis? T'sinn eis regional Betriber déi ënnert deem Boom leiden, an esou och d'Aarbechtsplazen. Betraff ass d'Zukunft vun eise Kollegen, Frënn a Noperen. Wéi kënnen mir deemno aus dem Boom e Notze zéien ouni engem ze schueden? Duerch Solidaritéit!

Schenkt solidaresch Kaddosbongen „shop local“

De Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“ lanciert zesumme mat senger Partner gringgo s.c (www.gringgo.lu) an De Kär a.s.b.l (www.beki.lu) d'gemeinsam Plattform **www.shoplocal.lu**. Hei hudd Dir nitt nëmme den Iwwerbléck vum regionale Commerce mee och d'Méiglechkeet Online Kaddosbonge „shop local“ ze kafen, mam gewünschte Betrag a Form vu Bekischäiner, schéi festlech verpaakt. Eist Regiogeld - e Synonym fir Solidaritéit - gëtt a ville Geschäfte ugeholl. Se bënnt d'Kafkraaft un d'Regioun Réidener Kanton a férdert déi regional Wirtschaftskreesleef. D'Lëscht vun de Betriber, déi de Beki akzeptéieren, gëtt reegelméisseg aktualiséiert.

Un all d'Betriber am Kanton, maacht mat.

Ass äre Betrib nitt op der Lëscht oder op **www.shoplocal.lu**, an Dir wëllt awer gäre matmaachen, da kontaktéiert eis via Mail op shoplocal@reidener-kanton.lu. T'ass nitt erfuerdert Member ze si beim De Kär a.s.b.l oder Koopérateur ze si bei gringgo.s.c.

Une période de fêtes sans précédent s'annonce pour les géants des plateformes de vente en ligne. La peur du virus y joue avec certitude un rôle important. Mais à quel prix? Les perdants sont nos petits commerces, ainsi que les emplois qui y sont liés, donc l'avenir de nos collègues, nos amis, nos voisins. Comment profiter alors de la vente en ligne sans leur nuire? Par la solidarité!

Le bon plan: les bons cadeaux „shop local“

Le Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“, ensemble avec ses partenaires gringgo s.c (www.gringgo.lu) et de Kär a.s.b.l (www.beki.lu) lancent la plateforme commune **www.shoplocal.lu**, qui permet d'acquérir en ligne des „bons cadeaux shop local“, joliment présentés dans un emballage festif, contenant la somme de votre choix sous forme de billets „Beki“. Notre argent régional - un synonyme pour la solidarité, est accepté dans une multitude de commerces. Il lie le pouvoir d'achat et promeut le circuit économique régional. La liste de nos commerces participants est constamment mise à jour.

Commerces, rejoignez gratuitement l'action „shop local“

Si votre commerce ne figure pas sur cette liste ou sur **www.shoplocal.lu**, et que vous désirez y participer, contactez-nous: shop_local@reidener-kanton.lu. Aucune obligation d'être membre chez l'a.s.b.l De Kär, ni coopérateur chez gringgo.s.c.

SHOP LOCAL.lu

Aliments de base

BECKERICH


Biekerecher Geméisgaart

T 691 197 748

 Biekerecher Geméisgaart
F&L

Boulangerie Beim Bäcker Jos

T 23 62 14 79

 /  Beim Bäcker Jos
P / AG / O

Gringgo

T 671 025 650

 /  Gringoo
F&L / AG / V

Leeweler vun der Wiss

T 661 881 204

 Leeweler vun der Wiss
O

Coopérative Vun der Atert

T 661 349 189 - www.vunderatert.lu

 Vun der Atert sc
F&L / V

BETTORN

Boulangerie Jos & Jean-Marie

T 23 62 92 87 - www.jjm.lu

 Jos & Jean-Marie -
Boulangerie et Pâtisserie
P / F&L / AG / O

COLPACH-HAUT

Koulbicher Uebst a Geméis

T 621 629 300

 Koulbicher Uebst a Geméis
F&L / O

HOVELANGE

Wildwildwest Beef

T 621 25 52 72

www.alpakatrekking.com

 / 
O / V

NIEDERPALLEN

Mëllech Tankstell Sangers-Majerus

 Mëllech Tankstell bei Sangers-
Majerus zu Nidderpallen
F&L / O

OBERPALLEN

Pall Center Oberpallen

T 23 64 41 - www.pallcenter.lu

 /  Shopping Village Pall Center
P / F&L / AG / O / V

RAMBROUCH

Boulangerie Jos & Jean-Marie

T 23 64 01 93 - www.jjm.lu

 Jos & Jean-Marie -
Boulangerie et Pâtisserie
P / F&L / AG / O

REDANGE

Boucherie & Partyservice Mathieu

T 23 62 05 77

www.boucherie-partyservice.com
V

Cactus

T 28 28 90 19 - www.cactus.lu

P / F&L / AG / O / V

Réidener Spënnchen

T 23 62 10 76 - www.spennchen.lu

 /  Réidener Spënnchen
P / F&L / AG / O

REIMBERG

Rëmmereger Geméis

 Rëmmereger Geméis an Neipéitsch
F&L / O

ROMBACH-MARTELANGE

Delhaize

T 23 64 10 63 1 - www.martelange.lu

P / F&L / AG / O / V

SAEUL

Boulangerie Beim Bäcker Jos

T 23 62 14 79

 /  Beim Bäcker Jos
P / AG / OX

USELDANGE

Epicerie Jil's Treff

T 28 77 75 54

 /  Jil's Treff
P / AG / O

Pall Center Useldange

T 26 61 08 71 - www.pallcenter.lu

 Shopping Village Pall Center
P / F&L / AG / O / V

Restaurants Take-Away & Livraison

COMMUNE ELL

Cuisine Royale

Ell - T 26 62 06 23

www.cuisineroyale.lu



COMMUNE GROSBOS

Beim Abruzzebier

Grosbos - T 26 88 11 25

www.beimabruzzebier.lu

 /  /  Beim Abruzzebier

COMMUNE PRÉIZERDAUL

New Hongkong Préizerdaul

Platen - T 23 62 90 22

 /  Chinois New Hong Kong




COMMUNE REDANGE

Barnum

Redange

T 691 118 504 / 26 62 13 33

www.barnum.lu

 /  /  Barnum - Greatest
show in Luxembourg

Restaurant Piperis

Reichlange - T 26 62 57 97

www.piperis.lu

 /  Piperis Restaurant-Pizzeria

New Relais Postal

T 26 21 10 05 / 621 22 10 45

 /  /  The New
„Relais Postal“

Traiteur-service Mathieu

Redange - T 23 62 05 77

www.boucherie-partyservice.com

 / 

COMMUNE RAMBROUCH

Pizzeria Duerfkrou

Folschette - T 26 62 12 51

 /  /  Pizzeria Duerfkrou



Restaurant Il Diablo

Martelange - T 26 61 56 02

 /  Il diablo Martelange

Restaurant-Brasserie Napoleonsgaart

Koetschette - T 26 61 59 75

 /  /  Restaurant-Brasserie
Napoleonsgaart

COMMUNE SAEUL

Beim Cedric

Saeul - T 26 61 06 08

 /  /  Beim Cédric

Restaurant Schweebeerbréck

Schwebach - T 691 32 89 75

www.schweebech.lu

 /  /  Schweebeerbreck

COMMUNE USELDANGE

Péitche Lauer

Useldange - T 28 13 721



www.peitchelauer.lu

 /  /  Péitche Lauer

Restaurant Um Wier

Useldange - T 23 63 92 88



www.restaurant-umwier.lu

 /  /  Café Restaurant
Pizzeria UM WIER

COMMUNE WAHL

De kleng Randschelter Bistrot

Rindschleiden - T 621 50 37 10

 /  De 'kleng' Randschelter
Bistrot „MiRo“


P = Pains

F&L = Fruits/Légumes

AG = Alimentation générale

O = Oeufs

V = Viande

 = Livraison

 = Take Away

 = Beki Bongen



Syndicat Intercommunal
„De Réidener Kanton“

Syndicat Intercommunal
„De Réidener Kanton“

11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert





Bewusst Handeln am Westen

WWW.GRINGGO.LU NODENKEN, DA SCHENKEN

Grad elo fir d'Feierdeeg fannt Dir op www.gringgo.lu eng topp Selektioun vu gringe Produiten. Dir schenkt esou nitt einfach nëmmen e Kaddo, mee handelt nohalteg, fair, regional & sozial!

Maacht online är Commande a loosst Iech se op Wonsch bequem heem liwweren!

23 Gringgoe proposéiere Produiten & Servicer an de Beräicher Textil, Liewensméttel, Miwwelen & Deko, Handwierk, Accessoires, an eng Hellewull u Kaddosiddie fir d'Feierdeeg. T'kommen der all Dag bäi!

Beispill „Schultertasche“

Gringgo gëtt Iech d'Info ...

... **wou et produzéiert gouf:** zu Biekerech am Atelier Protégé „Coûture“, Autisme Luxembourg

... **aus wat et besteet:** Upcycling vun ale Kaffissäck, handgemaachten Eenzelstécker

... **op Autisme Luxembourg e Gringgo ass:** jo, mat 5/5 Stären



STÄRKUNG
DER REGION



MITGLIED DER
REGIONALWÄHRUNG
BEKI



UMWELTFREUNDLICHE
BETRIEBSFÜHRUNG



ÖKOLOGISCHES & ETHISCHES
ANGEBOT



SOZIALES
ENGAGEMENT





Gringgo Kaddosiddien fir d'Feierdeeg



Weißwein Domaine
Jonathan Didier Pabiot
Florilège Pouilly Fumé



Welcome Matte



Bio Schwarze
Johannisbeeren Marmelade



Washbeutel Guppyfriend



Dekoaufhänger "Bienvenue"



Bio Frühlingshonig



Seifenspender Diamant aus
Recyclingglas



Cottover Man Hood



Biberna Bettwaesche Viola



Naturpark Seife-soft



T'Charly's Oil Duo
Mariendistelöl + Leindotteröl



Beki

Gringgos op
www.gringgo.lu

- Autisme Luxembourg
- Art&Wise
- ClimEEC
- De Kär
- Den Daachdecker
- Eida
- Energipark
- Infostuff
- Manukultura
- Op der Schock
- Pall Center
- Peinture & Cadeaux
- Kauthen
- Studio E
- Vun der Atert
- An-Net Service
- Anc. Ets. Aloyse Heidesch
- Bijouterie Kieffer Bock
- Everkie Arts
- Home Textile
- Evers Sonja
- Vintage Home & More

Nei derbäi:

- T'Charly's Oil
- D'Millen asbl
- Naturbaustoff Réiden



Gringgo
6, Jos Seyler Strooss
L-8522 Beckerich
T +352 671 025 650
info@gringgo.lu
www.gringgo.lu





BEKIPAY DE BEKI GËTT DIGITAL!

Et soll ee weidere Meilesteen fir eis regional Wahrung ginn:
Een digitale Beki an enger Smartphone App.

Grad elo, wou vill lokal Betriber weinst dem Coronavirus an den domadder verbonnene Mesure Schwierigkeeten hunn, ass et nach mei wichtig si ze ennerstetzen, andeems ee mat Beki bezilt. Fir Iech dest an Zukunft nach mei bequem ze maachen, brengt

de Beki Verain De Kar deemnachst een digitale Beki a Form vun der Beki Smartphone App BekiPay eraus. Am Februar 2021 soll et souwait sinn.

Mei praktesch fir Privatnotzer

Dir braucht net mei op d'Bank ze goe fir Beki ze kreien. Andeems Dir eng Iwwerweisung un „De Kar“ maacht, kritt Dir digital Beki op are Smartphone gescheckt. Mat deene wert Dir am Buttik kontaktlos bezuele kennen, andeems Dir ee QR-Code scannt. Dir wert och iwwer BekiPay anere Persoune Beki schecken oder vun hinne gescheckt kreien kennen.

Betriber: Zait- a Geld spueren

Betriber werten iwwert hire Smartphone oder Computer Rechnunge verschecken a bezuelt kreien kennen.

Betriber werten exklusiv kenne vun enger weiderer Funktioun vu BekiPay profitieren: Een IOU (I owe you) Bezuelssystem, bei deem Betriber sech ennertenee Kreditlinnen araumen a mat IOUs, also Scholdschainer bezuele kennen. Dest spuert, respektiv verschaaft Liquiditeit.

Maximal Secherheet:

Den digitale Beki ass kryptiert an op enger Blockchain gespichert, sou dass een eigentlech vun engem Krypto-Beki schwatze muss. Dest garantiert eng maximal Secherheet.

An iwwregens, mat BekiPay wert ee kontaktlos bezuelen. Dat werten an desen Zaite secher vill Mensche begreissen.





V.l.n.r.: Dragan Postolovski (Programmierer Sikoba), Fons Jacques (Leader Manager Atert-Wark) Aleksander Kampa (Direkter Sikoba), Marc Neu (President De Kär), Max Hilbert (Koodinateur De Kär), Guillome Devron (Teschneschen Direkter Sikoba). Zanter engem knappe Joer schaffen De Kär an d'Startup Sikoba zesummen un engem digitale Beki.

BekiPay: Méi wéi eng normal Bezuel-App

Den digitale Beki gëtt an Zesummenaarbecht mat Sikoba entwéckelt. Duerch gëtt den digitale Beki méi wéi eng reng technologesch Innovatioun. Betriber wäerten zousätzlech dee vu Sikoba entwéckelten IOU Bezuelssystem notze kënnen. Heibäi kënnen si sech géigesäiteg Kreditlinnen arumen an dann ënnertene mat Beki-IOUs bezuelen. De System fënnt déi zirkulär Kreditter déi sech géigesäiteg ophiewen a sträicht se dann. De Bedarf no Geld gëtt doduerch reduzéiert an d'Wueren an Déngschtleeschtunge kënnen fléissen. Ee Geldsystem deen sech tatsächlech dausende Jore bewäert huet, awer duerch d'Opkomme vu Bankgeld verdrängt gouf, gëtt heimat un d'21. Joerhonnert adaptéiert.

Een Opruff vum Beki Präsident Marc Neu

Léif Lieser, Är lokal Betriber brauchen Iech elo. Dofir, bezuelt wannechgelift mat Beki, well nëmmen d'Beki zirkuléiere weider téschent de Betriber a léisen eng Kettereaktioun un Akeef an eiser Regioun aus! Sou hëlleft een deem aneren an dës Solidaritéit ass elo gefrot. Iwwregens, Dir kënnt d'Beki och heem geliwwert kréien.

Méi Informatiounen
dozou op www.beki.lu
an op www.shoplocal.lu



Marc Neu, President vun De Kär a Patron vun engem lokale Betrib



De Kär a.s.b.l.
103, Huewelerstrooss
L-8521 Beckerich
T 23 62 21 847
T 691 888 295
info@beki.lu
www.beki.lu



De S.I. Réidener Kanton
ënnerstëtzt de Beki.



LE COMMISSARIAT
DU DÉVELOPPEMENT DE L'AGRICULTURE
RURALE ET DE LA PÊCHE
LE DÉPARTEMENT DE L'AGRICULTURE
RURALE

Fonds européens agricoles pour le développement rural.
L'Europe investit dans les zones rurales.

VUM FICHTEFORST ZUM FIICHTGEBITT

Naturschutzprojet vun der Gemeng Mäerzeg an dem SICONA un der Turelbaach

Scho virun e puer Joer huet d'Gemeng Mäerzeg un der Turelbaach eng Parzell vun 32 Ar opkaaft, fir zesumme mam SICONA do e Fiichtgebitt ze restauréieren. Op der fréierer Gringlandparzell waren nämlech Fichten ugeplanzt ginn, wouduerch d'Fiichtgebitt zerstéiert gouf. Schon 2018 nom Kaf goufen d'Fichten erausgeholl. Dësen Hierscht gouf dunn d'Fiichtgebitt restauréiert. D'Gemegeverantwortelech hunn zesumme mat dem SICONA-Präsident an dem fréiere Propriétaire de Projet a Presenz vun der Press op der Plaz ugekuckt.

© SICONA



De Buergermeeschter Mike Poiré an d'Schäffin Isabelle Elsen-Conzemius hunn sech zesumme mam Präsident vum SICONA Centre, Gérard Anzia, dem fréiere Propriétaire an de Mataarbechter vum SICONA de Projet ugekuckt.



GEMENG MÄERZEG



KlimaPakt
mëng Gemeng engesäzert saach



L'ÉCONOMIE
POUR LE BIEN COMMUN
Un modèle économique aus e de Famill

Gemeng Mäerzeg
22, rue Principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44-1
commune@mertzig.lu
www.mertzig.lu



E Bléck op dat neit Fiichtgebitt, dat sech dank dem Reen vun de leschten Deeg esou lues mat Waasser féllt.



D'Parzell, wéi se ausgesinn huet, wou d'Gemeng se fir Naturschutzzwecker opkaaft huet.



Schonn 2018 goufen op der ehemoleger Gringlandparzell d'Fichten ewechgemaach.



Eng Zilaart heivunner ass d'Eeërmouk (Geburtshelferkröte, *Alyte accoucher*), eng kleng Amphibienart bei der bemierkenswerterweis d'Männercher d'Eeschnéier ëm hir Been wéckelen a mat sech erëmdroe bis d'Kauzekäpp räif si fir ze schlüpfen.



De Site bei de Baggerarbeiten an dësem Hierscht. Dobäi goufen nitt nëmmen zwee Dämpelen ugeluecht, déi Amphibië Liewensraum bidden, mee gläichzäiteg och eng Rei Depressiounen ausgebagert an déi d'Turelbaach bei Héichwaasser ka lafen. Esou entstinn engersäits Fiichtflächen a gläichzäiteg gëtt fir eng Waasserréckhaltung gesuergt, déi Iwwerschwemmungen ënnerhalb reduzéiert.



Um Rand vun der Parzelle sinn eng Partie Bamstémp opgeschicht ginn. Si déngen Amphibien an anere kleng Déieren als Wanterverstopp a Landliewensraum.



Hëlze Péil am Baachverlaf hëllefen d'Stréimung ëmzelenken. Duerch leeft d'Waasser méi lues of a gëtt bei liichtem Héichwaasser éischer op d'Projetsfläch gelenkt. Ausserdeem fänkt d'Baach un erëm natierlech Mäanderen auszebilden a kritt e méi naturnoe Laf.

MÄERZEG HUET DEN KLIMAPAKT-GOLDAUDIT GEPACKT

Den 8. Juli 2020 ass d'Energie- a Klimapolitik vun der Gemeng Mäerzeg duerch déi national Auditorin Nathalie Moreau an den internationalen Auditor Leonard Meyer eng weider Kéier ënnert d'Lupp geholl ginn, nodeems am Dezember 2019 och schonn een Audit duerchgefouert ginn, ass wou d'Gemeng sech vu 54,3% am Joer 2015 op 68,9% konnt verbessern. Duerch d'Efforten an de leschte Méint war nach Potential an esou konnt bei dësem „Gold-Audit“ de ganz gudde Score vun 78% erreicht ginn.



D'Geleeënheet gouf och genotzt fir den Auditoren de Projet Mertzig4all virzestellen, och de Liichttuermprojet am Kader vum Klimapakt. D'Zil vun dësem Leader-Projet ass et den alternative Wirtschaftsmodell vun der Gemeinwohl-Ökonomie (www.ecogood.org) ze liewen an ze praktizéieren. No geschwënn zwee Joer Aarbecht steet do déi nächst Erausfuerderung virun der Dier. Dësen Dezember gëtt d'Gemeng Mäerzeg och do international auditéiert a kéint dann als Gemeinwohl-Ökonomie-Gemeng zertifizéiert ginn, ee Novum zu Lëtzebuerg mam Zil, dass aner Gemengen aus der Region an dem Land sech och op dese spannende Wee beginn fir eng „Gemeinwohl-Bilanz“ z'erstellen a noer Zukunft.



Niewent dem Klimaberoder Rainer Tee- lar an dem Buergermeeschter Mike Poiré war d'Gemeng vertrueden duerch de Präzident vun der Mäerzeger „Grénger Kommissioun“ Marcel Barros an dem dynamische Personal aus dem Sekretariat, dem Service technique an der Regie. Donieft war de „Gemeinwohl-Ökonomie“-Beroder Gregor Waltersdorfer mat dobäi.

D'Saile vun der Mäerzeger Klimaschutzarbecht:

- Proaktiv Politik mat Fokus op Nohaltegkeet;
- Ambitionéierten Aarbechtsprogramm;
- Dynamesch a motivéiert Mataarbechter;
- Engagéiert a kreativ „Gréng Kommissioun“;
- Participatioun vu Bierger, Veräiner a Kommissiounen;
- Vernetzung mat regionalen, nationalen an internationalen Initiativen an Organisatiounen.

Während Stonnen si Froe beäntwert, Dokumenter studéiert, Ureegungen an Iddien ausgetosch ginn. Zum Schluss konnt dat ganz gutt Auditresultat vun 78% erreicht ginn. Zënter dem Klimapaktdag den 9. Oktober 2020 ass et offiziell, datt nieft de Gemengen Biekerech (Re-Audit), Ell an Useldeng, d'Gemeng Mäerzeg soumat déi véiert aus der Region Atert-Waark ass, déi belount ginn ass fir d'Efforten an der Energie- a Klimapolitik an de leschte Joren.



Gemeng Mäerzeg
22, rue Principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44-1
commune@mertzig.lu
www.mertzig.lu



QUIZ FIR ENG GUTT LAUN

Aus wíem sengem Mond stamen dës Wieder?

D'Corona-Kris hält eis Welt an Otem. An dach solle mir versiche positiv ze bléiwen, a virun allem positiv ze denken! Egal wéi ustreichend de Corona ass, náischt ass méi ustiechend ewéi gutt Laun! Mir hunn lech ee klenge Quiz mat Zitater opgestallt, wou Dir sollt rausfannen, wien dat Zitat gesot huet. Bonne Chance

1. Am Ende wird alles gut werden und wenn noch nicht alles gut ist, dann ist es noch nicht am Ende.
2. Krisen sind Angebote des Lebens, sich zu wandeln. Man braucht noch gar nicht zu wissen, was neu werden soll. Man muss nur bereit und zuversichtlich sein.
3. Ein ganzes Meer voll Wasser kann ein Schiff nicht zum Sinken bringen, es sei denn, es kommt in das Schiff hinein. Ähnlich kann die Negativität der Welt dich nicht kaputt machen, es sei denn, du lässt sie in dich hinein.
4. Wer kämpft, kann verlieren. Wer nicht kämpft, hat schon verloren.
5. Was du denkst, bist du. Was du bist, strahlst du aus. Was du ausstrahlst, ziehst du an.
6. Gib jedem Tag die Chance, der schönste deines Lebens zu werden.
7. Suche nicht nach Fehlern, suche nach Lösungen.
8. Es gibt zwei Arten, sein Leben zu leben: Entweder so, als wäre nichts ein Wunder, oder so, als wäre Alles eines.
9. Wende dein Gesicht der Sonne zu, und du kannst den Schatten nicht sehen.
10. Es ist dumm, sich über die Welt zu ärgern. Es kümmert sie nicht.
11. Wenn die Menschen wüßten, wie sehr die Gedanken ihre Gesundheit beeinflussen, würden sie entweder weniger oder anders denken.
12. Das Glück ist schon da. Es ist in uns. Wir haben es nur vergessen und müssen uns wieder daran erinnern.
13. Auch aus Steinen, die einem in den Weg gelegt werden, kann man Schönes bauen.
14. Drei Dinge helfen, die Mühen des Lebens zu tragen: Die Hoffnung, der Schlaf und das Lachen.
15. Selbst wenn ich wüsste, dass morgen die Welt unterginge, würde ich heute noch ein Apfelbäumchen pflanzen.

Wor et....?

- A. Socrates
- B. Toi Nasu
- C. Martin Luther
- D. Andreas Tenzer
- E. Mark Twain
- F. Albert Einstein
- G. Oscar Wilde
- H. Johann Wolfgang von Goethe
- I. Henry Ford
- J. Luise Rinser
- K. Buddha
- L. Immanuel Kant
- M. Bertolt Brecht
- N. Marc Aurel
- O. Helen Keller

C O T H V A N D A H L C
1 2 3 4 5 6 7 8 9 10 11 12 13 14 15
Lösung

1	2	3	4	5	6	7	8	9	10	11	12	13	14	15



Infostuff
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 26 62 08 01



ANDRÉCK A GEWËNNER VUM FOTOSCONCOURS

Geocaching - Safari duerch de Wëlle Westen

De ganze Summer iwwer waren eng Heedewull abenteuerlech Safaristen am ganze Kanton ënnerwee fir di 10 kéngen Déieren ze fannen. Op hiren Expeditiounen hu si net just misse vill ustrengend Kilometer duerch eis déif Bëscher, entleeën Däller a géi Koppen iwwerwannen, mee hunn och all hier schäerfste Sënner permanent op héchster Stuf aktivéiere misse fir di 10 geheimnisvoll Verstoppen ze fannen.

Et war guer net einfach an awer hunn 57 vun hinnen allen 10 fonnt an dës Mammut-Missioun iwwerlieft. Ee ganz grouse BRAVO geet u si! Vill anerer hunn et bal geschafft, wëll insgesamt si ronn 1300 Déiere-Stickere aus de Geocache-Tuben erausgeholl ginn.

De positive Réckmeldunge vun dëser Aktioun no, wore vill Familje frou nei Plazen an eisem Kanton kennenzeléieren an eng spannend, aktiv an erliewenisräich Vakanzaktivitéit doheem maachen ze kënnen.

D'Auswiel vu der schéinsten Foto ass dowéinst och guer net liicht gefall. No laangen Diskussiounen ass d'Foto vum Rick an Alex Nicolay-Achen vun Habscht zréckbehale ginn. Si kruten eng Corbeille geschenkt mat leckere Produkter aus eisem Eck.

Mir soen all deene villmools Merci, déi eis hier cool Fotoen erageschéckt hunn, an déi eis informéiert hunn wann een Tüb eidel war.

De Réidener Mobilitéitsatelier ass sech am gaange mat senge Partner Gedanken ze maache fir weider esou Projeten, déi d'ganz Joer iwwer zur Verfügung stinn, op d'Been ze stellen. Mir wäerten Iech iwwer nei Entwécklungen informéieren.



TOURISTINFO
ATERT-WARK



MAISON DE L'EAU
CONTRAT DE RIVIÈRE
ATTERT
FLUSSPARTNERSCHAFT



Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“

Mobilitéitsatelier 43, Grand-Rue L-8510 Redange/Attert T 26 62 08 01 22 klima@klima.lu www.klima.lu



1. Präis: Rick & Alex Nicolay-Aachen vun Habscht op der Eischer Safari



2. Präis: Famill Stockreiser



an d'Famill Calderoni

Weider Andréck vun ënnerwee...



Famill Di Cato-Fernandes



Famill Pletschette



Famill Origer



Eis Gewënnercorbeille mat lokale
Produkter





RESULTATER VUN DER ËMFRO FIR ENG ZÄITGEMÉISS MOBILITÉIT AM KANTON RÉIDEN

Résultats du sondage pour une mobilité opportune au Canton de Redange

Am Kader vun der Mobilitéitswoch 2020, gouf am Kanton Réiden eng anonym Ëmfro iwwer d'Mobilitéitsverhalten a Corona-Zäiten organiséiert. Et hunn insgesamt 200 Awunner matgemaach, deene mir villmools Merci hei wëlle soen. Op der nächster Säit stelle mir Iech eng Kuerzfassung vun de Resultater vir. Sämtlech Resultater fannt Dir op www.klima.lu.

Dans le cadre de la semaine de la mobilité 2020, le Canton de Redange a lancé une enquête de notre mobilité en période de la pandémie du Corona. En total, 200 citoyens ont participé et nous leur en remercions chaleureusement. Vous trouvez tous les résultats sur www.klima.lu.



KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech



Abléck an d'Resultater

Home-Office

Een Drëttel huet nach ni am Home-Office geschafft, wëll et net méiglech ass. Ee Véierel schafft net méi am Home-Office. 4% sinn nach ëmmer am Home-Office a 16% schaffen nach deels vun doheem aus. De Rescht geet nach an d'Schoul oder schafft net, oder net méi.

Fir 55% wier den Home-Office zumindest deelweis eng Optioun. Bei 32% ass den Home-Office wéinst der Aktivitéit vum Beruff net méiglech. De Rescht geet nach an d'Schoul oder schafft net, oder net méi.

Summervakanz 2020

Genee 50% hunn hier Summervakanz dëst Joer am Land verbruecht, déi aner Hallschent war fir hier Vakanz an d'Ausland.

Notze vum HORESCA-Bong

Gutt ee Véierel huet bis de September de Bong schonn ageléist. 40% haten zu deem Zäitpunkt nach Wëlles et ze maachen, an een Drëttel notzt dese Bong net. Vun deenen, déi de Bong benotzt hunn, hunn di meescht (52%) eng Nuecht an engem Hotel zu Lëtzebuerg verbruecht, een Drëttel ass 2-3 Nuechte bliwwen, 15% si méi wéi 4 Deeg bliwwen.

Ze Fouss goen

40% gi méi ze Fouss säit dem Lockdown, fir 60% huet sech näischt geännert mat der Kris. Déi grouss Majoritéit geet ze Fouss fir an d'Natur spadséieren ze goen, 30% ginn am Alldag ze Fouss (Kommissiounen, Schoul, Schaff,...).

Ursaache fir net méi ze Fouss ze goen

Vill Bierger wëssen net wou se sollten ze Fouss am Duerf higoen, wëll net méi vill Betriber oder Aktivitéiten an den Dierfer sinn (37%). Gutt ee Véierel huet keng Zäit fir ze Fouss ze goen. 16% fillen sech net sécher als Foussgänger, a wënsche sech méi ofgeséichert Foussgängerinfrastrukturen.

Kaf vun engem neie Vélo säit Mäerz 2020

11,5% hu bis Enn September een neie Vélo kaf, bei 15% ass et nach geplangt. Am meeschte gouf een Toure-Vélo kaf (3,5%), 2. Favorit sinn E-Bike an E-MTB (je 2,5%).

Vélo fueren

17% hunn uginn, dass si méi Vélo fuere säit dem Lockdown. 23% fuere genee esouvill. 18% notzen de Vélo och fir op d'Schaff ze fueren oder fir Kommissiounen ze maachen. 80% notzt de Vélo nëmme fir Fräizäitwecker oder guer net. 8% vun de Befrote fuere bal all Dag Vélo, 10% ëmmerhin 2-3x d'Woch. 14% fuere ronn 1x an der Woch. 19% ronn 1x am Mount, 16% fueren ee bis zweemol am Joer. Praktesch een Drëttel fiert ni Vélo.

Evaluatioun vun der Vëloinfrastruktur am Kanton Réiden

12% fannen d'Vëloinfrastruktur ganz gutt, 36% fannen se gutt, 25% mëttelméisseg, 8% schlecht an 2% ganz schlecht. 17% hu keng Anung iwwer d'Vëloinfrastruktur am Kanton.

Eis Awunner wënschen sech folgend Verbesserunge, fir dass méi Vélo gefuer gëtt (méi Optiounen méiglech):

- 37% méi Sécherheet ausserhalb vun den Uertschaften
- 33% méi direkt Verbindungen
- 30% méi Zäit am Alldag
- 25% méi Sécherheet an den Uertschaften
- 25% méi lokal Akaafsméiglechkeeten
- 15% méi Méiglechkeeten de Vélo sécher bei de Bushaltestellen ofzestellen
- 15% méi Informatiounen zu de Vëlospisten
- 13,5% een E-Bike
- 8,5% eng besser Beschëlderung
- Soss Wënsch: méi Vëlospisten, eng direkt Verbindung op Miersch, keng Autoen op de Vëlospisten, Groussbus un d'Vëlonetz usschléissen, Vëlospiste laanscht déi Haaptverkéiersachsen, den Iwwergang bei der Nidderpallener Gare ofsécheren, méi Kontrolle fir di 1,5m Distanz tëscht Auto a Vélo ze garantéieren,...

11,5% hunn uginn, dass si ni wäerte Vélo fueren.

E-Bike

20% vun de Befrote hunn een E-Bike, 67% hu keen E-Bike an 13% plangen sech een unzeschaffen.

Ëffentlechen Transport

10% notzen den ëffentlechen Transport méi oft säit e gratis ass. Fir 67% huet sech näischt geännert um gratis ëffentlechen Transport. 10% notzen de Bus an Zuch manner oft, wëll et säit der Kris manner Uläss ginn. 8% notzen e manner wëll se Bedenken hunn (Mask droen,...).

Akafen

35% ginn un, dass si säit der Kris méi bewusst akafen, 10% kafe méi online an, 15% gi manner fir Konsumartikelen (Kleeder...) aus, 37% hunn hier Gewunnechten net changéiert (deels wëll se scho souwisou regional akafen).

Dës Resultater hëllefen eis fir di richteg Prioritéiten ze setzen. Mir soen Iech Merci fir Äert Matmaachen.

DE RÉIDENER KANTON GROUSSE GEWËNNER BEIM TOUR DU DUERF 2020!

Während den dräi September-Woche vum Tour du Duerf 2020 sinn di **325 Vëlofuerer** aus eise Kanton 1,5mol ëm den Äquator gefuer!
Insgesamt goufen **58.251 km** pedalléiert (méi wéi dat duebelt vum leschte Joer).
Domadder komme mir landeswäit ganz kloer op di éischte Plaz,
virun der Region Uelzechtall an dem Geopark Mëllerdall.



Di meeschte Kilometer pro Awunner si landeswäit an der Gemeng Wal, virun de Gemengen Ell an Useldeng gefuer ginn.

De Präis fir dee vëloaktivste Gemengerot geet dëst Joer un d'Gemeng Mamer, knapp virun der Gemeng Wal an der Gemeng Préizerdaul.

Den 2. Oktober goufen di beschten Ekippen aus eise 10 Gemengen an der Réidener Aula vum Präsidant vum Syndikat Réidener Kanton geéiert an all deelhuele Vëlofuerer krut ee Finisher-Diplom iwwerrecht.

Mir gratuléieren all den engagéierte Vëlofuerer fir hiert Matmaachen. Ouni Är Energie an Ausdauer wär dëst supert Resultat ni zustane komm, ee ganz grouse Merci un Iech all!

Mir hoffen, dass Dir och d'nächst Joer rëm derbäi sidd a wënschen Iech bis dohinner nëmme Guddes a vill flott Momenter um Vëlo ;-)

Op de nächste Säite stelle mir Iech d'Resultater vun eise 10 Gemengen vir.

Wann Iech op de Vëlospiste Saachen opfaalen, déi net si wéi se sollen (Schëlde, Marquage, Bänken,...), da schéckt w.e.g. eng Foto vun der Plaz un de Réidener Mobilitéésatelier (klima@klima.lu) oder rufft eis un. Tel. 26 62 08 01 22

Mir soen Iech villmools Merci fir Är Hëllef!




Syndicat Intercommunal
„De Réidener Kanton“
Mobilitéésatelier


Caroline Schmit & Stéphane Devillet
Conseillers climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
klima@klima.lu
www.klima.lu

Resultater vum Tour du Duerf 2020 am Kanton Réiden


Unzuel Vëlosfuerer pro Gemeng



Gefuere Kilometer pro Gemeng



Gefuere Kilometer pro Awunner



Beschten Teams aus all Gemeng an aus dem Kanton

Gemeng	Team	Kilometer	Plaz am Kanton
Biekerech	Orbea	792	24. Plaz
Ell	Velofrenn	4.014	2. Plaz
Groussbus	Die Gleissens	2.154	9. Plaz
Préizerdaul	Offenes Team - Préizerdaul	1.217	16. Plaz
Rammerich	Sunshine-Bikers & CIS Rammerich	3.215	4. Plaz
Réiden	Offenes Team - Réiden	2.429	7. Plaz
Sëll	Offenes Team - Sëll	1.289	15. Plaz
Useldeng	Iewerlenger Biergriders	3.785	3. Plaz
Viichten	Steve's Team	472	33. Plaz
Wal	Velo Wal	5.875	1. Plaz

E puer Biller vun de Vëlostier, déi an eise Gemengen organiséiert goufen

Fir méiglechst vill Kilometer fir eis Gemengen an eise Kanton ze sammelen, gouf an all Gemeng een Tour fir d'Bierger organiséiert. Hei bestoung och d'Méiglechkeet fir de Politiker an de Verantwortleche vum Réidenner Mobilitéétsatelier e puer Rotschléi punkto Vëlo matzedeelen.



Sëll: 12.9.2020 (12 Participanten)



Réiden: 12.9.2020 (21 Participanten)



Groussbus: 13.9.2020 (16 Participanten)



Viichten: 19.9.2020 (8 Participanten)



Préizerdau: 19.9.2020 (10 Participanten)



Useldeng: 20.9.2020 (40 Participanten)



Rammerich: 20.9.2020 (18 Participanten)



Wal: 26.9.2020 (24 Participanten)



Ell: 26.9.2020 (22 Participanten)

Och eis Politiker hu
kräfteg an d'Pedalle
gedréckt fir eise
Kanton un d'Spëtzt
ze kréien! Ee grouse
Merci geet u si all!





Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

ZESUMMEN AGÉIEREN FIR EIS BAACHEN

ENSEMBLE, DONNONS UNE CHANCE À NOS COURS D'EAU



D'Opwäertung vun der Fräsbech

D'Fräsbech ass eng kleng Baach, déi an der Gemeng Ell no bei der Uertschaft Rued entspréngt. Sie leeft duerch Lannen a Nojem bis op Réiden, wou se no 6,9 km an d'Attert mündet. Hiert Anzuchsgebitt faasst 13 km². D'Fräsbech ass virun allem vu Weedeland ëmginn.



Amélioration du cours d'eau Fräsbech

Le cours d'eau „Fräsbech“ est un petit ruisseau qui prend sa source dans la commune de Ell, près du village de Roodt. Son bassin versant a une superficie totale d'environ 13 km². Il traverse les villages de Lannen et Nagem et se déverse après 6,9 km à Redange dans l'Attert. La Fräsbech est surtout entourée de prairies de fauche et de pâtures.



Woufir schaffen mir op de Baachen?

Mir schaffen op de Baachen fir zwee Problemer ze léisen, déi heefeg virkommen:

- Ënnerhalb vu Réier a Bëtongsstufe frësst sech d'Waasser dacks an d'Baachbett. Dës Erosioun féiert mat der Zäit zu engem **Niveausënnerscheed** am Baachlaf. Esou entsteet ee Wanderhinderniss fir déi aquatisch Déierewelt.
- D'Véi, wat vun enger Säit op déi aner wiesselt oder an d'Baach drénke geet, **zertrëppelt an destabiliséiert** mat der Zäit souwuel d'Ufere wéi och d'Baachbett. Dës zwou Platze sinn awer Liewensraim fir eng ganz Rei vun Déieren, déi wichteg fir d'Ökologie vun der Baach sinn. Wann dës Mikrofauna verschwënnt, da verschlechtert sech och d'Qualitéit vum Waasser.

Wat gouf op der Fräsbech gemaach?

2018 huet d'Waasserhaus am Kader vum Gewässervertrag Atert op der Fräsbech ee Projet initiéiert a geplangt fir e puer vun deene **Problemer an der Baach z'eliminieren**. Mat der finanzieller Ënnerstëtzung vun der Gemeng Réiden an dem Ëmweltministère konnten 2019 folgend Moosnamen an der Géigend vu Lannen ëmgesat ginn:

Pourquoi travaillons-nous sur les cours d'eau?

Nous travaillons sur les rivières pour résoudre deux problèmes qui se posent fréquemment:

- Les tuyaux et les autres seuils en béton présents dans le cours d'eau entraînent fréquemment une érosion du lit du cours d'eau en aval de l'ouvrage, ce qui va créer petit à petit **une chute d'eau**. Cette chute représente un obstacle à la migration de la faune aquatique et, notamment, des invertébrés présents dans le cours d'eau.
- L'accès du bétail au cours d'eau, que ça soit pour s'abreuver ou traverser, entraîne inévitablement un **piétinement et une déstabilisation** des berges et du fond du lit du cours d'eau. Or, ces derniers représentent autant d'habitats pour la microfaune vivant dans le cours d'eau et leur destruction entraîne forcément une disparition de ces êtres vivants, qui sont essentiels à l'écologie du cours d'eau et, par conséquent, à la qualité de son eau.

Qu'est ce qui a été fait sur la Fräsbech?

En 2018, la Maison de l'Eau, en charge du contrat de rivière Attert, a initié et planifié un projet de **suppression de ces problèmes** dans la Fräsbech et ceci dans un premier temps au niveau du village de Lannen. Ce projet, soutenu financièrement par la commune de Redange ainsi que le Ministère de l'Environnement, a permis de réaliser, en 2019, les aménagements suivants:



1. Moosnam / Mesure n°1

De Bau vun enger **Fuert**, déi et dem Véli erméiglecht op déi aner Säit vun der Baach ze goen, ouni d'Uferen an d'Baachbett ze zertrëppelen.

Réalisation d'un **passage à gué** permettant au bétail de passer proprement d'un coté à l'autre du ruisseau, sans endommager les berges et le lit de ce dernier.

Chantier:



D'Virbereedung vum Terrain
Préparation du terrain



D'Tässelen vun de grouse Bléck fir de Fong vun der Fuert ze schafen
Imbrication des grosses pierres pour former le fond du gué



virdrun / avant



dono / après

2. Moosnam / Mesure n°2

De Bau vun enger **rauer Ramp** op enger Längt vun 7 m, fir de Niveausënnerscheid vun 50 cm auszegläichen. D'Ramp gëtt duerch d'Steng rau, a bremst esou d'Waasser of.

Construction d'une **rampe rugueuse** sur une longueur de 7 m, pour compenser une chute de 50 cm existante. Les pierres font que la rampe est rugueuse et ralentissent ainsi l'eau.

Chantier:



D'Leeë vun e puer Reien vu grouse Bléck
Pose de plusieurs rangées de grosses pierres



D'Afëllen mat Gesteeks fir der Ramp eng rau Iwwerfläch ze ginn
Remplissage avec un concassé donnant une certaine rugosité à la rampe



virdrun / avant



dono / après

3. Moosnam / Mesure n°3

Den ale **Bëtongsrouer**, deen 1 m iwwert dem Baachbett louch, gouf erausgeholl an duerch eng **rau Ramp** ersat fir de Niveausënnerscheed auszegläichen; Uleeë vun enger **Fuert** fir d'Véi a setze vun engem **Zonk**, fir datt d'Véi net méi onkontrolléiert an d'Baach drénke geet.

Elimination d'un **tuyau** présent dans le cours d'eau formant une chute de 1 m, construction d'une **rampe rugueuse** pour compenser la différence de niveau et d'un **passage à gué** pour permettre le passage du bétail. Mise en place d'une **clôture** le long des berges afin d'empêcher le bétail d'accéder de façon non contrôlée au cours d'eau.

Chantier:



Den Opbau vun der Fuert
Création du fond du passage à gué



D'Leeë vun de Steng fir eng Ramp ze forméieren
Pose des pierres pour former la rampe



Wéi geet et weider?

Et ginn nach vill Baachen, déi sech eegen fir als Liewensraum opgewäert ze ginn; sief et fir den **Duerchgang** vum Vei ze optiméieren, laanscht Uferen ze **clôturéieren** oder eng **Dréck** z'installéieren.

Wann Dir vun enger vun deene Situatioune concernéiert sidd, dann zéckt net eis ze kontaktéieren. Mir beroden Iech **gratis an neutral** iwwert déi verschidden technesch a finanziell Méiglechkeeten. Wann Dir et wënscht, kënnen mir och d'Opsicht vun den Aarbechte maachen.

Zéckt net eis ze kontaktéieren:

T 26 62 08 08 - maison.eau@attert.com

Et pour continuer?

*Les interventions réalisées sur ces tronçons ne sont pas des cas isolés. De nombreux endroits dans nos cours d'eau pourraient être modifiés ou améliorés pour assurer un bon développement de l'écosystème de la rivière. En effet les **passages** pour le bétail pourraient souvent être optimisés, des **abreuvoirs** et des **clôtures** pourraient être installés pour mieux protéger les berges de nos cours d'eau.*

Si vous êtes concernés par ces situations ou ces ouvrages dans le bassin versant de l'Attert, n'hésitez pas à nous contacter.

Gratuitement et en toute objectivité, nous vous conseillons sur les possibilités techniques et financières et, éventuellement, si vous le souhaitez, nous gérons la réalisation des travaux.

Alors n'hésitez plus à nous contacter:

T 26 62 08 08 - maison.eau@attert.com

NATURA 2000 EINE REGION VOLLER SCHÄTZE DAS NATURA 2000 GEBIET LEITRANGE-HEISCHEL

NATURA 2000, UNE RÉGION RICHE EN TRÉSORS LE SITE NATURA 2000 DE LEITRANGE-HEISCHEL

Am südwestlichen Rand des Kanton Redingen, unmittelbar an der Grenze zu Belgien, liegt ein kleines unscheinbares Naturschutzgebiet von knapp 30 ha: Leitrange-Heischel. Dieses kleine Areal, bestehend aus Offenland- und Waldhabitaten, wurde wegen einer besonderen, EU-weit geschützten Tierart ausgewiesen: Dem Nördlichen Kammolch, den aufmerksame Leser der Synergie bereits in anderen Artikeln dieser Serie kennengelernt haben.

À la limite sud-ouest du canton de Redange, à la frontière belge, se trouve une petite réserve naturelle discrète de près de 30 hectares: Leitrange-Heischel. Cette petite zone, composée d'habitats de milieux ouverts et de forêts, a été désignée en raison d'une espèce animale protégée dans toute l'UE: le triton crêté, déjà rencontré par les lecteurs attentifs du Synergie dans d'autres articles de cette série.

Magere Flachlandmähwiesen sind sehr artenreiche Wiesen - sie beherbergen eine Vielzahl an Pflanzen- und Tierarten.

Les prairies maigres de fauches sont des prairies très riches en espèces - elles abritent une grande variété d'espèces végétales et animales.



© Dan Petry



© Dan Petry

Stillgewässer und extensive Wiesen schaffen ein kleines Biodiversitätsparadies

Ein Teil des Gebietes gehört der Gemeinde Beckerich und wird vom Naturschutzsyndikat SICONA verwaltet. Hier wurden in den letzten Jahren einige Projekte umgesetzt, um die Artenvielfalt zu fördern und das Gebiet als lokalen Biodiversitätshotspot zu etablieren. Eine der zentralen Maßnahmen war sicherlich die Neuanlage von 14 Stillgewässern im Offenland, welche durch ihre unterschiedlichen Größen und Formen auch unterschiedliche Mikrohabitate darstellen. In diesen neuen, aber auch in den alten Stillgewässern des Natura 2000-Gebietes findet man einige Amphibienarten, wie den bereits genannten Kammmolch. Auch Bergmolche, Fadenmolche, Erdkröten, Grünfrösche oder Grasfrösche können dort beobachtet werden.

In den umliegenden Grünlandflächen wird auf den Einsatz von Pestiziden und mineralischen Düngern verzichtet und auf eine spätere Mahd gesetzt. Diese extensive Nutzung ermöglicht die Entwicklung und den Erhalt von artenreichen Wiesen, in denen eine Vielzahl von Pflanzen- und Tierarten Lebensraum finden. Zusätzlich hat im Rahmen eines SICONA-Projektes eine Renaturierung einer Wiese zur Entwicklung einer mageren Flachlandmähwiese, einem EU-weit geschützten Wiesentyp, durch eine sogenannte Mahdgutübertragung stattgefunden. Hierbei wird das Mahdgut einer artenreichen Spenderfläche in frischem Zustand auf die Empfängerfläche ausgebreitet, auf der sich die Arten aus dem Spendermaterial dann etablieren können. Hierdurch haben sich typische und auch seltenere Grünlandarten ansiedeln können. Durch die Vielzahl

unterschiedlicher Pflanzenarten werden viele Insekten angezogen, die wiederum als Nahrung für andere Tierarten, vorab den Offenlandvögeln, dienen. Letztere haben in den letzten Jahrzehnten in Luxemburg (sowie weltweit) dramatische Rückgänge zu verzeichnen. Umso erfreulicher ist es, dass im Rahmen des von SICONA durchgeführten Monitorings gefährdete Vogelarten von offenen Landschaften nachgewiesen werden konnten, etwa der Bluthänfling oder die Goldammer.

Förderung der Waldhabitats in EU-geschützten Waldmeister-Buchenwäldern und Eichenwäldern

Zusätzlich zu den im Offenland durchgeführten Maßnahmen wurden vom lokalen Förster auch einige Anstrengungen unternommen, um das anliegende Waldgebiet für Fauna und Flora attraktiver zu gestalten, indem weitere Stillgewässer angelegt und gepflegt wurden. Ziel ist es, eine Ausbreitung des Kammmolches in die umliegenden Gebiete, allen vorab dem nördlich angrenzenden Vogelschutzgebiet, zu fördern. Darüber hinaus wurden Waldränder gestaltet, die zu einer Auflockerung des oft abrupten Wechsels vom Offenland zum geschlossenen Wald führen und somit Lebensraum für verschiedene Pflanzen- und Tierarten bieten. Tiere, welche von strukturierten Waldrändern profitieren sind unter anderem die Wildkatze, Feldhasen, Vögel, Schmetterlinge, Fledermäuse und Reptilien. Waldränder bieten Lebensraum, Nahrung und Unterschlupf in einem und stellen somit wichtige und schützenswerte Übergangsbereiche dar, in denen sich eine große Artenvielfalt entwickeln kann.

^

Für Nachwuchs ist im Frühjahr bestens gesorgt.

Au printemps, la relève est assurée.

<

Eines der vielen Stillgewässer im Offenland, die durch ihre starke Besonnung optimale Lebensbedingungen für den Kammmolch schaffen.

Une des nombreuses mares en milieu ouvert, qui, grâce au fort ensoleillement, créent des conditions de vie favorables pour le triton crêté.

Eine detaillierte Beschreibung vom Naturschutzgebiet Leitrange-Heischel finden Sie auf unserer Homepage www.attert.com



© SICONA

^
Die Goldammer ist eine typische Vogelart der offenen bis halboffenen Kulturlandschaften.

Le bruant jaune est une espèce d'oiseau typique des paysages ouverts à semi-ouverts.

>
Mahdgutübertragung - eine zielführende Methode zur Entwicklung artenreicher Wiesen. Aus den übertragenen Samen können sich die typischen Pflanzenarten entwickeln.

Transfert de fâche - une méthode efficace pour la création de prairies riches en espèces. Les espèces végétales typiques peuvent se développer à partir des graines transférées.

Une description détaillée de la réserve naturelle Leitrang-Heischel peut être trouvée sur notre page internet www.attert.com

Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.
Gewässervertrag Attert
Contrat de Rivière Attert
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T 26 62 08 08
natura2000@attert.com
www.attert.com



f /Natura2000AttertWarkdall



© SICONA

Des eaux stagnantes et de prairies extensives forment un petit paradis de biodiversité

Une partie des surfaces appartient à la commune de Beckerich et est gérée par le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA. Au cours des dernières années, plusieurs projets ont été mis en œuvre ici pour promouvoir la biodiversité et faire de la région un hot spot local de biodiversité. Une des mesures centrales a certainement été la création de 14 mares en milieu ouvert, qui créent également différents micro-habitats grâce à leurs tailles et formes variées. Dans ces nouvelles mares aussi dans les anciennes eaux stagnantes de la zone Natura 2000, différentes espèces d'amphibiens peuvent être observées, comme le triton crêté mentionné ci-dessus. On y observe également des tritons alpestres, des tritons palmés, des crapauds communs, des grenouilles vertes ou des grenouilles rousses.

